N° 4781
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 14 SEP. 2021

Réf. : 83ax2043f

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4781 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° n° 4781 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de la promotion des bibliothèques, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n°4781

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4781 vum 30. Juli 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Entgéint der Behaaptung vum Honorabelen Deputéierten, sinn ech der Iwwerzeegung, datt sëllege Bibliothéiken hei am Land elo scho wäit méi sinn, wi reng „Bicherbibliothéiken“, an eng wichteg an zentral Roll am soziokulturelle Liewen an eise Gemenge spillen. Liesungen, pedagogesch Aktivitéiten, Konferenzen, Concerten, Ausstellungen…, d'Lëscht vun de kulturelle Manifestatiounen, déi de Kader vun enger renger „Bicherbibliothéik“ sprengen, ass laang a léisst sech weisen.

Eis ass aktuell keng Bibliothéik bekannt, an där och administrativ Déngschtleeschtungen ugebuede ginn. Et gëtt um Niveau vun der Regierung zu dësem Zäitpunkt keng Bestriewunge fir d'Bibliothéiken an dësem Sënn z'erweideren, ma dëse Ministère géif wuelverstan all Initiativ, déi d'Attraktivitéit vun eise Bibliothéike steigere ka, begréissen, sollt en deementspriechende Projet vun enger Gemeng lancéiert ginn.

Donieft sief rappeléiert, datt de Koalitiounsaccord 2018-2023 virgesäit, datt d'Bibliothéikegesetz vum 24. Juni 2021 kritesch analyséiert, an deementspriechend ugepasst gëtt. Dëse Prozess soll a wäert op eng partizipativ Manéier, an am Echange mat de betraffene Persounen, Federatiounen, Associatiounen a Strukture gefouert ginn. Déi Punkten déi vum Honorabelen Deputéierten ugeschwat goufen, wäerten an deem Kontext och examinéiert ginn.